

Dossier suivéiert vum

Schäfferot ☎ 359 711-207

✉ [college.echevinal@sandweiler.lu](mailto:college.echevinal@sandweiler.lu)

**CSV Sandweiler**

**Madamm Simone Massard-Stitz**

**Här Romain Dumong**

**Här Jean Lemmer**

Sandweiler, den 11. Februar 2025

**Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 30. Januar 2025**

**Eis/Ref. : CSV - 2025.01.30 - CE**

**Är/Ref. : Courier vum 27. Januar 2025**

Madamm Massard-Stitz,

Här Dumong,

Här Lemmer,

Heimadde schécke mir lech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot hat an der Gemengerotssëtzung vum 30. Januar 2025.

**Fro 1:**

*"Deen 22. Januar 2025 huet d'FGFC Uschëllegung geint den aktuelle Sandweiler Schäfferot erhuewen\*, wat sécher Auswierkungen op d'Aarbechtsklima vum Persona! huet. CSV Sandweiler huet an deem Zesammenhang eng Rëtsch Froen.*

*Kënnt Dir zu follgende Virwërf Stellung huelen:*

- Huet dës Persoun, vun der FGFC als One-Man-Consultingfirm bezeechent, e Schlëssel/Badge fir an d'Gemeng eran?*
- Huet dës Persoun fräien Zougang zu alle Bureau'en?*
- Wéi wäit huet dës Persoun Zougrëff op Software an Date vun der Gemeng, resp. de Bierger?*
- Wéi ass sécher gestallt dass den RGPD agehal ass?*
- Ass dës Persoun an déi deeglech Verwaltungsaufgaben agebonnen?*
- Stëmmt et dass dës Persoun de Schäfferot op offiziell Terminer begleet?*
- Hellet dës Persoun u Schäfferotssëtzungen deel?*
- Goufen aner Consultingfirmen gefrot fir déi Missiounen ze iwwerhuelen?*
- Firwat huet de Schäfferot sech fir des Consultingfirma entscheet?*
- Huet de Schäfferot Kenntnis dass Personal ënner Drock gesat an zur Demissioun gedrängt gëtt?*
- Iwwerhëlt dës Persoun operativ Aufgaben?*

*\* <https://www.fgfc.lu/fr-lu/actualites/machtmissbrauch-wen-iger-gefa-h-r-f-uer-a-l-le-wie-einzel-n-e-politiker-luxemburgs-demokratie-ins-wanken-bringen/>  
<https://www.fgfc.lu/fr-lu/actualites/stellungnahme-der-fgfc-zur-reaktion-der-buergermeisteri-n-von-sandweiler-und-zur-rolle-des-externen-beraters/>"*

**Äntwert:**

Mir, als Schäfferot, sinn zoustänneg fir d'Personal a mir setzen eis a fir e gutt Fonctionnement a fir e gutt Aarbechtsklima an der Gemeng. A mir wäerten alles drusetzen, dass dat garantéiert ass.

**Fro 2:**

*"Wat ass den aktuelle Stand vum Dossier PAG? Wéini soll deen a Kraaft trieden?"*

**Äntwert:**

Am PAG waren e puer "Erreurs matériels" respektiv Ongereimtheeten, falsch Kadasternummeren, am Plang deen de Schäfferot vum Ministär zréckkritt huet. De Schäfferot waart elo nach op d'Ënnerschréift vum Minister fir de PAG auszehänken an dann ass en "en vigueur".

**Fro 3:**

*"De Waasserservice vun der Gemeng ersetzt déi "al" Waassercompteuren duerch connectierter.*

- *Bis wéini ass geplangt dass all Compteuren ersat sinn?*
- *Plangt d'Gemeng op Basis vun den Date vun dëse Compteuren de Bierger weider Servicer ze bidden déi hinnen hëllef hire Waasserverbrauch erof ze setzen?"*

**Äntwert:**

No den Informatiounen vun eisem Personal dauert et nach ongeféier 3 Joer. Dat Ganzt hängt natierlech dovunner of wéi eng Problemer beim Ubrénge vun de Compteuren sinn.

**Fro 4:**

*"Duerch e Kontrakt mat CFL Mobility steet de Bierger beim Center Culturel e Carsharing Auto vu Flex zur Verfügung. Kennt Dir ons w.e.g. verschidde statistesch Informatiounen zur Notzung vun deem Auto am Joer 2024 nennen?"*

- *Wéi oft gouf deen Auto ausgeléint?*
- *Wéi vill verschidde Client'en hunn deen Auto genotzt?*
- *Goufe schonn Demarchen ënnerholl fir dësen Auto duerch en Elektroauto ze ersetzen?"*

**Äntwert:**

De Klimaschäffen huet nogefrot :

- *"Wéi oft gouf deen Auto ausgeléint"? 203 Mol*
  - *"Wéi vill verschidde Client'en hunn deen Auto genotzt?" 42*
  - *"Goufe schonn Demarchen ënnerholl fir dësen Auto duerch en Elektroauto ze ersetzen?"*
- De Schäfferot versicht bei allen neien PAp a bei alle Reaménagementer déi néideg Infrastrukturen ze installéieren.

**De Schäfferot,**



Claude Mousel,  
Schäffen



Jacqueline Breuer,  
Buergermeeschtesch



Corine Courtois,  
Schäffin